

17.03.
20h00

Centre polyvalent
Aspelt

CONCERT

The
**Horse
Blinders**



Blues, iewer net nëmme Blues, gëtt hei zerwéiert, an dat mat gehäerzte Lëtzebuerger
Texter aus der pickeger Fieder vum Roland Meyer. Dräi Akkorden an e ganze Koup
Wouerechten, ouni Netz an duebele Buedem a virun allem ouni Scheiklappen:

Blues De Lux vum Allerbeschten!

Fräien Entrée

Présentéiert vun der Kulturkommissioun

gemeng 
fréiseng

The Horseblinders

Hierken oder Mettwurscht Tour '23

Wann d'Selma duerch deng Dreem geeschtert, wann's Du net weess, obs Du dech fir Hierken oder Mettwurscht entscheede solls a wann's Du ee Selfie mam Thierry van Werveke an der Täscher hues, dann ass alles kloer: The Horse Blinders sinn an der Stad!

De Roger Melcher an de Roland Meyer vun de Winklepickers, d'Frères Jacquen Bock a Ruppert vun de Crossroads an de Mulles Scholtes vun de Convertibles zerwéieren een erfräschend sprëtzege Mix de Lux vum Allerfeinsten: knallege Pop, säftege Blues an zolitte Rock op Lëtzebuergesch: witzeg, lëschtég, satiresch a kabarettistesche Texter, aus dem Liewe gegräff, vun der Long op Zong! Wien do net wibbeleg gëtt ass selwer Schold.

The Horse Blinders, fënnef gestanen Bouwen, déi wësse wat se maachen an déi wëssen, wéi se hire Publikum zum Lauschten, zum Laachen an zum Danze kréien.

Cheers!

Weider Informatiounen fannt Dir op horseblinders.lu

